



Ob et exponentiell weidergeet oder net, wäerte mer gesinn. Mee et ass effektiv un der Zäit, fir sech ze preparéieren. An dat ass och amgaangen ze geschéien. En éischt Spidol huet scho sai Palier aktivéiert, dee virgesinn ass. Ech kommen herno méi am Detail drop zrëck. Et geet jo haut wierklech ëm d'Preparatioun, wou Der wëllt méi Detailer kréien.

Just nach eng Kéier zrëck op déi éischt Well. Mir hunn effektiv d'Courbe erofkritt. Dat huet geklappt. Et hu keng Patiente missen an d'Ausland goen oder verluecht ginn. Dat huet och geklappt. Mir hunn d'Doudesaffer niddreg gehalen. Mir sinn e Land, an dat ass ganz daitlech am internationale Verglach, wou d'Doudeszuelen niddreg waren. An et ass och haut ganz kloer, dass déi Länner, déi dat koppelen an déi am Fong eng gutt Teststrategie hunn, déi vill testen, dass dat déi Länner sinn, déi och weineg Perten ze verzechnen hunn. Mir gehéieren zu deenen. Doriwwer sinn ech stolz haut.

Mir hunn och net misse kapituléiere virun engem Mangel u Schutzmaterial. Et war ganz knapp mat Momenter, mee iergendwou si mer erauskomm draus.

Am meeschten awer huet mech impressiounéiert - an dat ass e positiivt Element, där sinn och gewiescht - déi grouss Solidaritéit, déi mer haten. Mir konnten op eis Partner zielen, op eis Spideeler zielen, op eist Personal zielen, op eis Wëssenschaft zielen, op jiddwereen zielen. Et huet wierklech jiddwereen hei vun der éischter Stonn u matgeschafft. Et war jiddweree mat kreativ. Dat war eng ganz flott Erfahrung an och eng rassurant Erfahrung. Et hätt och kënnen anescht sinn. Mech stärkt dat fir d'Zukunft, well ech mer denken: „Wat och ëmmer kënnt, dat do ass eppes, wat sech erweisen huet a wou jiddwereen, menger Meinung no, och nees am Garde-à-vous steet, wann et drëms geet unzepaken.“ Et kann een zouversichtlech sinn, dass hei am Land och jiddwereen dat nach eng Kéier wäert maachen.

Wat ass haut eist Zil? Eist Zil ass, déi Neiinfektiounen, déi kommen, déi sécherlech wäerte kommen ... Wann een an en Deconfinement geet, därf een net d'Illusioun hunn, dass et iwwerhaupt keng Neiinfektiounen géif ginn. Dat wär e bëssen naïv ze mengen, well de Virus ass do, e wäert och zirkuléieren. D'Zil ass, fir en ënner Kontroll ze halen, fir en esou anzedämmen, dass mer e géiert kréien. An et ass doropshinner, wou mer eis amgaange sinn ze preparéieren.

Positiv Acquisen, déi mer hunn oder wat mer geléiert hunn, wat ganz gutt fonctionéiert huet, waren eis CSAen. Dat war eppes, wat mer eis ganz kuerzfristeg afale gelooss hunn, aus dem Naischt opgericht hunn, wat och scho vill visitéiert ginn ass. Vill Nopeschlänner sinn interesséiert un deene Strukturen. Dat ass eppes, wou ech lech ka soen, dat läit fäerdeg mam Mode d'emploi am Tirang. D'CSAe si prett an déi wäerte mer och reaktivéieren, wann et gebraucht gëtt. Dat kënnen mer och ganz kuerzfristeg maachen. Bannent engem bis zwee Deeg wäert dat kënnen geschéien. Dat ass also eng Saach, déi, jo, e Succès war. Mir wëlle se net onbedéngt erëm eng Kéier auspaken, mee wann et muss sinn, da wäert dat ganz einfach goen.

Eise Stock u Schutzmaterial, deen eis ganz vill beschäftegt huet, ganz vill Suerge gemaach huet, deen hu mer haut. Mir sinn opgestallt, fir véier Méint ouni Problem ze iwwerbrécken. A mir hunn och an eise Spideeler ganz zouversichtlech Partner fonnt, déi eis wäerten elo begleeden iwwert déi nächst Phas, fir d'Gestioun vun deemem Stock ze iwwerhuelen. Dat ass amgaangen, finaliséiert ze ginn. Mee do sinn awer déi grouss Grondsätz, déi stinn. Mir kënnen dee Stock national also a sécher Hänn iwwerginn a mir kënnen och op e Partner zielen, deen dat wäert geréieren, wann dat nach eng Kéier sollt missen aktivéiert ginn. Wat och haut eng aner Situatioun ass wéi am Ufank vun der Pandemie. Ech mengen, haut fonctionéiert de Marché nees. Mir hoffen, dass dat och esou bleift. Mee wéi gesot, falls nach eng Kéier misst Schutzmaterial gebraucht ginn, da wäerte mer dat ganz schnell kënnen deployéieren.

Mir hunn och digital Léisungen, déi mer en place gesat hunn. Teleconsultatiounen, eise Monitoring, déi hu gutt fonctionéiert. Déi si mer amgaangen, nach ze iwwerschaffen, fir dass mer se och kënnen perenniséieren. Déi sinn och prett fir ..., ma déi wäerten ... Déi sinn net just prett, déi hale mer oprecht. Déi sinn um Lafen. Dat wäert eis och ganz vill Zäit spueren. Dat hu mer jo alles missen en place setzen, et war net do. Haut ass dat do. Dir gesitt, et ass eng aner Basis schonn, wéi dat am Ufank war.

Ee kritesche Punkt ass eis Réserve sanitaire nach ëmmer. Ech mengen, ech hat et d'leschte Kéier gesot, de Bottleneck, dat ass d'Personal. Do sti mer generell net gutt do. Bon, déi wäert ech net kënnen erfannen iwwert déi nächst Wochen. Do muss mer mat deene Meeder-

cher danzen, déi mer hunn. Mir sinn awer och amgaangen, op eiser Réserve sanitaire ze schaffen, och scho Courriers erauszeginn, wien eng nächste Kéier bereet ass, eng Hand mat unzepaken. Elo si mer schonn amgaangen, eeben eis esou opzustellen, dass mer do eng Vue drop hunn, wie wéini erëm kéint an den Asaz goen, falls dat sollt gebraucht ginn.

Dann hunn och eis Gesondheetsberuffer fir d'Besoine vun der Kris nei Attributiounen kritt. Dat ass eppes, wat mer och esou wëlle weiderhi bestoe loosse. Dat war ganz hëllefreich, dass eng Rei Akte konnte gemaach gi vu Leit, déi déi normalerweis net maachen. Dat huet eis gehollef an der Gestiou. Och eng ganz gutt Erfahrung.

An eis Spideeler, déi hu ganz vill geléiert natierlech. Déi hunn hir éischt Erfahrung och an där éischter Phas gemaach mat dem Virus. Si woussten net, wat et wär. Si woussten net, wéi ee sech misst opstellen. Haut wësse se dat. Si hunn och e Plang. Et war virdrun ugeschwat ginn: Mir hunn effektiv d'nächst Woch d'Ofschlossreuniounen, wou mer mat hinne festhalen, wéi nees redeployéiert soll ginn. An de Spideeler wäert dat fonctionéieren iwwer Palieren, déi definéiert sinn, wou eng éischt Ulaftell de Service national des maladies infectieuses wäert sinn am CHL, deen, wann ech do richtig am Bild sinn, gëschter säin éischte Palier och nees aktivéiert huet. An da gëtt dat esou e gestaffelte Modell.

D'Zilsetzung do ass wierklech, des Kéier net alles op null ze fueren an alles op de Covidpatient ze achséieren, mee wierklech à géométrie variable eeben déi normal Dëngschtleeschtungen esou wäit wéi méiglech, idealerweis ganz oprechtzeerhalen, och am Fall vun enger zweeter Well. Dass een dat wierklech kloer getrennt huet. Déi Trennungen hu jo déi éischte Kéier missen iwwerhaupt emol geduecht ginn an dann en place gesat ginn. Déi stinn haut. Dat wäert esou oprechterhale ginn. An d'Spideeler sinn och do ganz gutt preparéiert, fir dat, wann et da muss sinn, erëm eng Kéier ze maachen.

Dann en Datemonitoring hate mer och guer net. Eisen zentralen Datemonitoring iwwert d'Bettcapacitéiten, iwwert de Stock critique an esou weider, deen hu mer oprecht. Dee leeft och elo nach. Et ass och aus deem Monitoring, aus deem Monitoringsystem, wou all Dag d'Informatiounen kommen, wéi et steet mat den Neiinfektiounen. Dat ass eppes, wat mer hoffentlech och an der Zukunft wäerte bäibehalen, op alle Fall elo während der Kris, dat ass ganz netzlech. An et hat och den Avantage, dass et ville Leit nobruecht huet, wat an der Praxis d'Digitalisatioun ka bréngen, soudass ech frou sinn iwwert déi Erfahrung. Dat gëtt sécherlech Wand an d'Seegelen, fir d'Digitalisatioun am Gesondheetswiese weiderzebréngen.

Dann hu mer an eiser Inspection sanitaire, et ass schonn erwäant ginn, eis och nach verstärkt opgestallt, fir eeben de manuellen Tracing kënnen esou gutt wéi méiglech ze bewierkstelligen. Do sinn eng ganz Rei Reservlinnen, déi mer amgaange sinn opzestelle mat Leit, déi och scho preventiv forméiert ginn, fir da gegebenefalls, wa mer se brauchen, ganz schnell kënnen ofgeruff ze ginn an direkt an den Asaz ze goen. Dat ass eppes, wat och eng gewësse Virbereedung brauch. An déi Virbereedungen, déi lafen och scho säit enger Rei Wochen, soudass mer do gutt dostinn.

Voilà! Haut si mer mat enger Hausse vun Neiinfektiounen konfrontéiert. D'Pandemie ass net erlaanscht. Eppes, wat mer och wäerte brauchen iwwert de Summer, ass e Katalog vu Mesuren. Mir hunn och verstanen, dass ee sech do muss preparéieren.

## 19. Dépôt d'un projet de loi par Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

Duerfir géif ech vläicht just eng Kéier kuerz och d'Geleeënheet notzen, fir dem Här President de Projet de loi ze iwwerreechen, fir dass mer dat kënnen esou schnell wéi méiglech an der Kommissioun bearbechten. Wannechgelift!

**7622** - *Projet de loi portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 et modifiant :*

*1° la loi modifiée du 25 novembre 1975 concernant la délivrance au public des médicaments ;*

*2° la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des médicaments*

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Rendez-vous en Dënschdeg.

► **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Rendez-vous en Dënschdeg, voilà.



## 20. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de l'état de préparation en cas d'une éventuelle deuxième vague de l'épidémie Covid-19 (suite)

### Prise de position du Gouvernement (suite)

Haut gëtt vill spekuléiert: Handelt et sech schonn ëm en Trend oder net? Ech hunn lech et virdru gesot: D'Zuele si relativ héich. Wann Der se vergläicht mat anere Länner an Dir maacht eng Règle de trois, da gesitt Der ongeféier, wou mer hei stinn als Lëtzebuerg. Wéi den Trend wäert ausgesinn, dat kënnen mer haut net soen. Dat gesi mer eréischt an deenen nächsten Deeg a Wochen. Am Moment schéngt et sech jo ëm esou eng Héicht 40, 50 iergendwou, bon, vläicht anzendelen, vläicht och net. Besuergneserreegend gëtt et, wann et exponentiell gëtt. Dat brauch ech warscheinlech kengem ze erklären. Mee gutt, dat wësse mer haut nach net, mee preparéiere muss ee sech.

Wat hu mer proposéiert generell als Strategie?

De Monitoring weiderféieren. De Monitoring geschitt iwwert d'Testen. A fir d'Testen, dat ass scho richtig ervirgehewe ginn, hu mer gëschter den Accord och kritt am Regierungsrot, fir an eng zweet Phas ze goen. De Large-Scale-Testing war en éischte Projet, dee gemaach ginn ass iwwert d'Fuerschung. Dee wäert awer elo Bestand gi vun der normaler Teststrategie vun der Santé. Dat heescht, d'Ausschreiwung gëtt vun der Santé gemaach. Do si mer amgaangen, drop ze schaffen.

Mir hunn och ganz bewusst ofgewart, wat elo d'Resultater vun der CON-VINCE-Studie waren, och vun deem éischten Deel vun der Large-Scale-Erfahrung, déi mer gemaach hunn. Mir wëssen haut, dass d'Prevalenz nach relativ niddreg ass. Duerfir hu mer e bëssen Zäit. Et ass elo kee gudd Moment wierklech bei esou enger niddreger Prevalenz, fir ze vill flächendeckend ze testen. Dat ass an eisen Aen eebe justement eréischt ab August, September, wou mer eis wierklech opstellen.

Dat heescht awer elo net am Ëmgedrëiten, dass elo net méi getest gëtt! Mir hu jo och an der Santé déi ganzen Zäit getest. Dat heescht, eis ganz normal Prevalenztester, déi flächendeckend Tester an den Altersheimer, d'Tester um Findel, dat sinn alles ganz normal Santéstester, déi souwisou esou lafe wéi déi ganzen Zäit, och parallel zum Large-Scale-Testing. Dat heescht, mir hunn do wierklech genuch Capacitéit, fir déi ganz normal Teststrategie, déi mer souwisou lafen hunn, och elo iwwert de Summer weiderzefueren. An déi nei Teststrategie, déi hu mer elo eebe ficeléiert. Mir hunn den Accord de principe vun der Regierung, fir déi zweet Phas kënnen ze maachen.

Dat gëtt en héije Käschtepunkt, mee et ass en Investissement, deen an eisen Ae wierklech noutwendeg ass, well ouni Monitoring ass et net méiglech, duerch déi Kris ze kommen. Mir müssen eis wierklech déi staark Capacitéit ginn. An dat hu mer och berechent bis an d'Fréijoer eran. Dass mer wierklech déi eenzel Momenter, déi mer elo identifizéiert hunn als kritesch, zum Beispill d'Rentrée, wa vill Grippe wäerte sinn, Schoulvakazen, wou d'Leit hoffentlech erëm reesen - wa mer dat da kënnen bis dohinner, wa mer net ze vill héich Zuelen hunn an net méi dierfen, wie weess? -, op alle Fall hu mer geplangt bis an d'Fréijoer eran, mat eebe verschiddeenen Achsen, déi kënnen deployéiert ginn. Do wäerte mer d'nächst Woch méi am Detail drop goen. D'Ausschreiwung, et ass scho gesot ginn, déi ass elo geplangt. Déi ass an der Maach. An da misst dat normalerweis op Enn August kënnen operationell ginn an där zweeter Phas eeben, déi e bëssen anescht wäert ausgesi wéi déi éischt Phas vum Large-Scale-Testing.

Derniewent wäerte mer och weiderhin - an do si mer och ganz frou driwwer, iwwert déi enk Zesummenaarbecht, déi mer mat der Fuerschung hunn - op dem Monitoring aktiv bleiwen. Eisen Outil de pilotage ass de Monitoring, dee mer hunn. Mir wäerten och elo opgrond vun deem Projet, dee mer lech elo hei ënnerbreeden, eng Modellsatioun maachen, fir eng nei Baseline ze hunn, dass mer soen: Wat géif dat do bedeuten? An eise Monitoring erlaabt eis jo dann ze kucken, au fur et à mesure, ob mer op där Linn, déi mer eis erhoffe par rapport zu deene Mesuren, déi mer hunn, ob mer do sinn oder net. Dat heescht, dorunner navigéiere mer.

Mir wäerten och weiderhi kucken, vill méi reegelméisseg en Update ze ginn, wou mer sti par rapport zu de Projektiounen, an dann eeben am prakteschen Deel mam Contacttracing wierklech weiderfueren. Ech si ganz iwwerzeegt dovunner, gräifen och direkt do vir. A wann ech esou iwwerzeegt wär, dass mer eng App elo bräichten an dass dat dat Wichtigst

wär, géif ech perséinlech sécherlech vill méi derfir insistéieren. Et ass fir mech en „nice to have“, à ce stade. Hei zu Lëtzebuerg ass et net dat, wat eis wäert retten.

Mir kënnen eis Situatioun ganz gutt mam manuellen Tracing geréieren, deen eis e gudd Service erlaabt, deen eis och ganz gutt Preventiounsarbecht erlaabt, well mer justement doduercher un eng Populatioun erukommen, déi vläicht nach guer net sensibiliséiert ass, déi am Fong geholl duerch déi Telefonater iwwerhaupt emol Informatiounen kritt, ëm wat et hei geet a wourop se müssen oppassen. An dat ass eppes, wat mer wierklech privilegiéieren. Dat anert ass ëmmer nëmmen en Zousaz, an ech mengen, dass mer net dorunner wäerte scheitern. Wann des Kris eis falen deet, ass et menger Meinung no net de Fait, dass mer keng App hunn. Et sinn aner méi Terre-à-terre-Consideratiounen, déi do wäerte matspillen.

Voilà, dat ass et. Also, wéi gesot, Virsiicht a Viraussicht! Et ass dorobber, wou mer setzen. D'Strategie ännert net grondsätzlech. Et kann ee se och net grondsätzlech änneren, et gëtt nach kee Wonnerméttel. Mir mussen kucken, eng beschtméiglech Vue ze hunn op de Virus, wéi en evoluéiert, och wierklech suivéieren, wat sech deet um Niveau vun den Erkenntnisser. All Dag gëtt een Neies gewuer vun deem Virus. Et weess ee leider nach net alles, mee trotzdem kommen Dag fir Dag nei Erkenntnisser. An duerfir geet et och drëms, déi ganz schnell dann anzestrecken an dat, wat mer maachen.

Mir kucken, wat sech um Terrain deet. Mir hunn elo gesinn - effektiv, duerch déi nei Infektiounen gi mer jo och eppes gewuer -, mir wëssen: Wie sinn déi Leit? Wou stieche se sech un? Ech mengen, et ass entre-temps kee Geheimnis méi. Déi Neiinfektiounen, déi mer haten, déi si wierklech wäitgeeënd oder exklusiv wierklech am Privaten zustane komm, wou Leit eeben op Fester, op Familjefester, Barbecuen ouni déi néideg Virsiichtsmoossnamen ënnerwee waren an dann natierlech vun do aus de Virus erëm mat zrëckhuelen op hir Aarbecht oder anerwäerts. Dat bleift net aus.

Mee et ass kloer, an dat confirméiert eis, muss ech wierklech soen, an där Aschätzung, déi mer vusäite vun der Santé vun Ufank un haten: Mir hunn drop spekuléiert, dass et am Berufsliewe méi einfach wäert goen. Dat huet sech erweisen duerch déi éischt Schrëtt, déi mer geholl hunn. Do hate mer quasi guer keen Impakt op eise Courben. Et huet ee gesinn, dass do, wou d'Leit an engem gereegelte Kader sinn, sief dat op der Aarbechtsplaz, an der Schoul oder och Veräiner, déi hiert Liewe ronderëm organiséieren, do funktionéiert dat ganz gutt. Mee do, wou et an d'Privat erageet, ass ganz net esou einfach. An ech denken, et ass och eis Verantwortung, déi Erkenntnis da mat op de Wee ze huelen. Wa mer gesinn, dass do e Problem ass, da kann een dat net ignoréieren. D'Sensibilisatioun ass lancéiert: #Stoptheparty.

Bon, mir hunn alt gemengt, e wär einfach verständlech, mee mir schaffen iwwert déi nächst Wochen natierlech verstärkt u Sensibilisation. Dat ass ganz wichteg. Dat ass den A an den O en fait. Wann d'Leit à la base schonn net verstinn, wéi se sech kënnen schützen, kënnen mer et schwéier vun hinnen erwaarden.

An dann natierlech deen aneren Deel, wa Leit wierklech duerch hiert eegent Verhalen deenen anere Leit hir Gesondheet op d'Spill setzen an d'Gesondheet vun der Allgemengheet op d'Spill setzen, dann ass et, genau wéi de Sven Clement dat gesot huet, wéi am Verkéier. Ech mengen, et ass net, well ee sech net un d'Reegelen hält, dass d'Fuere verbuede gëtt, mee da muss ee sech awer Moyene ginn, fir kënnen ze agéieren. Déi hu mer am Moment net. Dir wësst dat. Fir wann elo privat Partye sinn, kënnen mer leider elo, en attendant, dass mer en nächst Gesetz vläicht hunn, wou mer déi Mesuren nees kréien, net mat der Police dohinner goen. Mir müssen elo drop zielen, dass d'Vernunft dann duergeet iwwert déi nächst Wochen.

Mee d'Gesetz, wat mer elo proposéieren, dat huet als Ambitioun, sech op dat Weesentlecht ze konzentréieren. Wat verstinn ech ënnert deem Weesentlechen?

Ben, dat heescht, do oplockeren, wou mer kee Risiko gesinn, wou mer haut wëssen duerch déi Erfahrungen, déi mer gemaach hunn, dass et net geféierlech ass. Mir gesinn net an, dass een d'Leit soll do kujenéieren, wou eigentlech kee Problem ass. Mee par contre erëm eng Kéier do d'Schrauf e bësse bäizéien, wou mer gesinn, wou de Problem ass. An dat huet eeben déi rezent Entwécklung eis elo erëm eng Kéier confirméiert.